N°3127
Entrée le 30.10.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.10.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen, Justiz & Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

Zënter 2016 ass de fréiere Generaldirekter vum Mudam an engem juristesche Sträit mat deemolege Mataarbechter vun RTL Lëtzebuerg, dorënner zwee Journalisten. Am Mäerz 2026 wäert et an d'Appelinstanz goen.

Zënter dem Ufank vun der Geriichtsaffaire sollen dem fréiere Generaldirekter seng Affekotskäschten am Kader vun dëser Affär aus der Staatskeess gedroe gi sinn. Dat goung aus verschiddenen Presseartikelen ervir:

"*Den Enrico Lunghi kritt Ënnerstëtzung vum Staat, fir juristesch géint d'RTL-Mammenhaus CLT-UFA virzegoen. Den nach-Mudam-Direkter huet eisen Informatiounen no gëschter Bescheed kritt, datt dës Ënnerstëtzung accordéiert gouf, sou wéi de Statut vum Staatsbeamnte se virgesäit. De Staat wäert also seng Affekotefraisen iwwerhuelen." (100,7* vum 8ten Dezember 2016)

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi héich sinn déi bis elo vum Staat gedroe Käschten am Zesummenhang mat den Affekote vum Ex-Generaldirekter?
2. Wat geschitt am Fall vun enger Néierlag vum fréiere Generaldirekter am Appel? Mussen an dësem Fall d'Affekotskäschte un d'Staatskeess zréckbezuelt ginn?
3. Wéi ass et méiglech, dass den deemolegen Generaldirekter, deen a senger Funktioun als Mudamchef an dësem Zäitfënster kee Staatsbeamten war, trotzdeem d'Affekotskäschten iwwerholl krut ?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

4. Wéi eng Bedingungen mussen erfëllt sinn, dass Staatsbeamten d'Affekotskäschten vum Staat virgestreckt an iwwerholl kréien?

5. Wéi vill Affekotskäschten goufen an de vergaangenen 10 Jore vum Staat iwwerholl?
   Wéi vill Demandë goufe refuséiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten